

GEMENG
JONGLËNSTER

# EIST DRÉNKWAASSER – ENG WÄERTVOLL RESSOURCE

ADAPTATIOUN VUN DEN TAXE FIR D'WAASSER AB DEM 1. JANUAR 2027

# NOTRE EAU POTABLE – UNE RESSOURCE PRÉCIEUSE

RÉVISION DES TARIFS DE L'EAU À COMPTER DU 1ER JANVIER 2027

# OUR DRINKING WATER – A VALUABLE RESOURCE

REVISION OF WATER TARIFFS EFFECTIVE 1 JANUARY 2027

GEMENG JONGLËNSTER

## INHALTSVERZEICHNIS LU

Virwuert 4
Wéi setzt sech de Waasserpräis zesummen? 6
Tarifstruktur 8
Waasser spueren – gutt fir d'Ëmwelt an Äre Budget 10
Tipp: Krunnewaasser amplaz vu Fläschewaasser 11
All Dröps zielt 11
Info 11

## TABLE DES MATIÈRES FR

Préface 4
Comment le prix de l'eau est-il calculé ? 12
Structure tarifaire 14
Économiser l'eau : bon pour l'environnement et pour votre budget 16
Conseil : Privilégiez l'eau du robinet plutôt que l'eau en bouteille 17
Chaque goutte compte 17
Info 17

## TABLE OF CONTENTS EN

Preface 5
How is the price of water calculated? 18
Tariff structure 20
Saving water: good for the environment and for your budget 22
Tip: Choose tap water over bottled water 23
Every drop counts 23
Info 23

# VIRWUERT
# PRÉFACE
# PREFACE

LU

## Upassung vum Waasserpräis an der Gemeng Jonglënster



Léif Biergerinnen a Bierger,

Drénkwaasser ass eng liewenswichteg a limitéiert Ressource. Fir eis all ass et haut eng Selbstverständlechkeet, doheem de Krunn opzedréien, sief et fir ze drénken, ze kachen, sech ze wäschen oder fir den Alldag am Stot.

Fir dëse Service permanent an a beschter Qualitéit garantéieren ze kënnen, investéiert d'Gemeng Jonglënster kontinuéierlech an d'Produktioun, d'Verdeelung an d'Behandlung vum Waasser.

An de leschte Joren hunn sech d'Käschte fir dës Servicer awer däitlech erhéicht. D'Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Waasser (*loi modifiée relative à l'eau*) schreift vir, datt d'Tariffer fir Drénkwaasser an Ofwaasser déi effektiv Käschte vum Service mussen ofdecken.

Well d'Tariffer zanter 2020 onverännert bliwwe sinn an d'Käschten net méi vollstänneg ofdecken, ass d'Gemeng verflicht de Waasserpräis erëm eng Kéier unzepassen. Déi nei Präisser trieden den **1. Januar 2027** a Kraaft a sinn a véier Secteuren ënnerdeelt: Stéit, Industrie, Landwirtschaft an Horeca.

Merci fir Är Kooperatioun an Äre verantwortungsvollen Ëmgang mat dëser wäertvoller Ressource.

Fir de Schäfferot
Tom Weber
Ëmweltschäffen

FR

## Révision du prix de l'eau dans la commune de Junglinster

Chers concitoyens,

L'eau potable est une ressource vitale et limitée. Aujourd'hui, nous considérons tous comme acquis le fait de pouvoir ouvrir le robinet chez nous, que ce soit pour boire, cuisiner, se laver ou pour les tâches ménagères quotidiennes.

Afin de garantir ce service de manière durable et avec la meilleure qualité possible, la commune de Junglinster investit en permanence dans la production, la distribution et le traitement de l'eau.

Ces dernières années, cependant, les coûts de ces services ont considérablement augmenté. La loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau dispose que les tarifs de l'eau potable et des eaux usées doivent couvrir les coûts réels du service.

Les tarifs étant restés inchangés depuis 2020 et ne couvrant plus entièrement les coûts, la municipalité est contrainte d'ajuster une nouvelle fois le prix de l'eau. Les nouveaux tarifs entreront en vigueur le **1er janvier 2027** et s'appliquent à quatre secteurs : les ménages, l'industrie, l'agriculture et le secteur de l'Horeca.

Nous vous remercions pour votre coopération et pour votre manière responsable d'utiliser cette ressource précieuse.

Au nom du Collège des bourgmestre et échevins
Tom Weber
Échevin en charge de l'environnement



EN

## Revision of the price of water in the Municipality of Junglinster



Dear residents,

Drinking water is a vital and limited resource. Today, we all take it for granted that we can turn on the tap at home, whether to drink, cook, wash, or carry out everyday household tasks.

To be able to guarantee this service permanently and in the best possible quality, the Municipality of Junglinster invests continuously in the production, distribution, and treatment of water.

In recent years, however, the cost of these services has increased considerably. The Law on Water of 19 December 2008 (loi modifiée relative à l'eau) requires that tariffs for drinking water and wastewater must cover the actual costs of the service.

As the tariffs have remained unchanged since 2020 and no longer fully cover the costs, the municipality is obliged to adjust the price of water once again. The new prices will come into force on **1 January 2027** and are divided into four sectors: households, industry, agriculture, and the Horeca sector.

Thank you for your cooperation and for the responsible way in which you use this valuable resource.

On behalf of the Council of Aldermen
Tom Weber
Alderman in charge of the environment



LU

# WÉI SETZT SECH DE WAASSERPRÄIS ZESUMMEN?

De Präis vum Waasser setzt sech aus verschiddene Bestanddeeler zesummen, déi all néideg sinn, fir eng sécher a qualitativ héichwäerteg Waasserversuergung ze garantéieren.

D'Produktioun vum Drénkwaasser ëmfaasst verschidde Schrëtt, wéi:
- d'Gewënnung vum Waasser;
- d'Behandlung an d'Purifikatioun;
- d'Qualitéitskontrollen;
- d'Verdeelung iwwer d'Waassernetz.

Dozou gehéieren och d'Investitiounen an d'Infrastrukturen, wéi Reservoiren, Pompelstatiounen an d'Leitungsnetz.

## ENTRETIEN A MODERNISÉIERUNG VUN DEN INFRASTRUKTUREN



D'Waassernetz an d'Anlage musse reegelméisseg ënnerhale ginn, fir eng zouverlässeg Versuergung ze garantéieren.

Dëst beinhalt ënner anerem:
- d'Erneierung vu Waasserleitungen;
- d'Moderniséierung vun techneschen Installatiounen;
- d'Reparatur an den Ënnerhalt vum Netz;
- d'Erweiderung vun den Infrastrukturen bei neie Baugebidder.

Dës Investitioune si wichteg fir d'Zouverlässegkeet an d'Sécherheet vun der Waasserversuergung.

## SANÉIERUNG – D'BEHANDLUNG VUM OFWAASSER



Nom Gebrauch muss d'Waasser gesammelt, gerengegt an ëmweltgerecht zeréck an de natierleche Waasserkreeslaf gefouert ginn.

Dëst erfuerdert:
- e funktionéierend Kanalnetz;
- Kläranlagen;
- Installatioune fir d'Behandlung vum Waasser.

Och dës Infrastrukturen generéieren wichteg Betribskäschten.



## SCHUTZ VUN DE WAASSERRESSOURCEN

Lëtzebuerg verfüügt nëmmen iwwer limitéiert Waasserressourcen. Eng nohalteg Gestioun vun dëse Ressourcen ass dofir essentiel.

D'Käschte fir:
- de Schutz vun de Quellen an dem Grondwaasser;
- d'Iwwerwaachung vun der Waasserqualitéit;
- d'Ëmsetzung vun Ëmweltreglementatiounen;

sinn och Bestanddeel vum Waasserpräis.

## FIRWAT VARIÉIEREN D'WAASSERPRÄISSER TËSCHT DE GEMENGEN?



Zu Lëtzebuerg setzt all Gemeng hir Tariffer fir d'Waasser selwer fest, op Basis vun engem harmoniséierte Berechnungsschema.

Well déi reell Käschten awer vu Gemeng zu Gemeng variéieren (z.B. Längt vun de Leitungen), kënnen et ënnerschiddlech Waasserpräisser ginn.

# TARIFSTRUKTUR

D'Tariffer baséieren op zwou Komponenten:

**Eng fix Grondtax:** Dës Tax deckt en Deel vun de Käschte fir d'Infrastrukturen an de Service.

**Eng variabel Verbrauchstax:** Dës Tax gëtt pro verbrauchte Kubikmeter Waasser verrechent.

Dës Struktur erlaabt eng méi gerecht Opdeelung vun de Käschten a gläichzäiteg eng Sensibiliséierung fir e bewosste Waasserverbrauch.



## WAT BEDEIT „EHM" OP ÄRER RECHNUNG?

Op Ärer Waasserrechnung erschéngt d'Eenheet **EHm (Équivalent Habitant moyen).**

Dës Moosseenheet beschreift déi duerchschnëttlech Verschmotzungslaascht, déi eng Persoun pro Dag verursaacht, wéi et am Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Waasser virgesinn ass.

Fir Eefamilljenhaiser an Appartementer gëtt dës duerchschnëttlech Joreslaascht zu Lëtzebuerg op **2,5 EHm** festgeluecht. Dëst entsprécht der Moyenne vun **2,5 Persounen pro Stot** zu Lëtzebuerg.

D'Eenheet EHm gëtt benotzt fir:
- den Ëmweltimpakt vum Ofwaasser ze bewäerten;
- Kläranlagen unzepassen an ze dimensionéieren;
- d'Taxe fir d'Ofwaasserbehandlung gerecht ze berechnen.

### Drénkwaasser:

Fix Jorestax: 10,00 € / mm / Joer (+3 % TVA)

Variabel Tax no tatsächlechem Verbrauch:
4,40 € / $m^3$ (+3 % TVA)

### Ofwaasser („Canal ménage" op Ärer Rechnung):

Fix Jorestax: 37 € / EHm / Joer

Variabel Tax no tatsächlechem Verbrauch:
4,40 € / $m^3$



### Fix Tax (fir den Uschloss)

| | Al Präisser | Nei Präisser |
|---|---|---|
| **Drénkwaasser** | 7,20 € / mm / Joer (+3 % TVA) | 10,00 € / mm / Joer (+3 % TVA) |
| **Ofwaasser** | 24 € / EHm / Joer | 37 € / EHm / Joer |

### Variabel Tax, jee no Verbrauch

| | Al Präisser | Nei Präisser |
|---|---|---|
| **Drénkwaasser** | 3,20 € / $m^3$ (+3 % TVA) | 4,40 € / $m^3$ (+3 % TVA) |
| **Ofwaasser** | 3,20 € / $m^3$ | 4,40 € / $m^3$ |

## RECHEBEISPILL:

En Haushalt (2,5 EHm) mat engem Verbrauch vun 100 $m^3$ pro Joer an 20 mm Duerchmiesser vum Waassercompteur (Standard):

| | |
|---|---|
| • Drénkwaasser: | 4,40 € × 100 = 440 € (+13,20 € TVA) |
| • Ofwaasser: | 4,40 € × 100 = 440 € |
| • Fixen Tarif Drénkwaasser: | 10,00 € × 20 = 200 € (+6 € TVA) |
| • Fixen Tarif Ofwaasser: | 37,00 € × 2,5 = 92,5 € |
| **Total inkl. TVA :** | **1.191,70 € am Joer** |
| Rechnung all Trimester: | 297,93 € pro Trimester |

Weider Infoe fannt Dir um Site vun der Gemeng:

# WAASSER SPUEREN – GUTT FIR D'ËMWELT AN ÄRE BUDGET

E verantwortungsvolle Gebrauch vum Waasser hëlleft, eis natierlech Ressourcen ze schützen an de perséinleche Waasserverbrauch ze reduzéieren.

**Hei e puer einfach Tipps fir den Alldag:**

## Am Haus

Reparéiert drëpsend Krunnen oder defekt Installatiounen a kuckt reegelméisseg de Stand vun Ärem Waassercompteur.

100 %

Benotzt d'Wäschmaschinn an d'Spullmaschinn nëmme wann se voll geluede sinn.

Benotzt effizient Apparater.

## Am Buedzëmmer

Installéiert Waasserspuer-systemer op Krunnen an Duschkäpp.

Duschen amplaz ze bueden.

De Waasserkrunn zoumaachen beim Zännbotzen oder Raséieren.

## Am Gaart

Reewaasser fir d'Planzen benotzen (Behälter fir d'Reewaassersammlung gëtt vun der Gemeng subventionéiert).

De Gaart moies fréi oder owes spéit bewässeren.

Wielt eenheemesch Planzen, déi förderlech fir d'Biodiversitéit sinn a manner Waasser brauchen.



# TIPP: KRUNNEWAASSER AMPLAZ VU FLÄSCHEWAASSER



Krunnewaasser ass e qualitativ héichwäertegt Liewensmëttel, dat streng kontrolléiert gëtt. Et ass däitlech méi bëlleg wéi Fläschewaasser a verursaacht wesentlech manner Offall.

Eng Famill kann bis zu **1.000 € pro Joer spueren**, wann si konsequent op Fläschewaasser verzicht.

D'Versuergung mat Krunnewaasser ass en ëffentleche Service a gëtt net mat Gewënnzwecker bedriwwen, am Géigesaz zum Fläschewaasser.

# ALL DRËPS ZIELT

Mat engem bewosste Waasserverbrauch droe mir all dozou bäi, eng wäertvoll Ressource ze schützen an eng nohalteg Waasserversuergung fir déi nächst Generatiounen ze garantéieren.

D'Gemeng installéiert digital Waassercompteuren, déi et erlaben de Verbrauch besser am Bléck ze behalen an eventuell Fuiten méi einfach ze detektéieren. Mellt Iech um **78 72 72 701** oder op **compteur_eau@junglinster.lu** fir Ären austauschen ze loossen.

## INFO:

D'Reglementer souwéi déi detailléiert Tariftabellen fir déi verschidde Secteuren (privat Stéit, Industrie, Landwirtschaft an Horeca) an e Beispill vun enger Rechnung mat den alen an den neie Präisser fannt Dir op eiser Internetsäit.

Bei zousätzleche Froe kënnt Dir eis gäre kontaktéieren: **taxes@junglinster.lu**

FR

# COMMENT LE PRIX DE L'EAU EST-IL CALCULÉ ?

Le prix de l'eau se compose de plusieurs éléments, qui sont tous indispensables pour garantir un approvisionnement en eau sûr et de qualité.

La production d'eau potable comprend plusieurs étapes, telles que :
- le captage de l'eau ;
- le traitement et la purification ;
- les contrôles de qualité ;
- la distribution via le réseau d'eau.

Cela comprend également les investissements dans les infrastructures, telles que les réservoirs, les stations de pompage et le réseau de canalisation.

## ENTRETIEN ET MODERNISATION DES INFRASTRUCTURES



Le réseau d'eau et les installations doivent faire l'objet d'un entretien régulier afin de garantir un approvisionnement fiable.

Cela comprend notamment :
- le renouvellement des conduites d'eau ;
- la modernisation des installations techniques ;
- la réparation et l'entretien du réseau ;
- l'extension des infrastructures dans les nouvelles zones d'aménagement.

Ces investissements sont essentiels pour garantir la fiabilité et la sécurité de l'approvisionnement en eau.

## ASSAINISSEMENT – LE TRAITEMENT DES EAUX USÉES



Après utilisation, l'eau doit être récupérée, traitée, puis réintroduite dans le cycle naturel de l'eau dans le respect de l'environnement.

Cela nécessite :
- un réseau d'assainissement opérationnel ;
- des stations d'épuration ;
- des installations de traitement de l'eau.

Ces infrastructures entraînent également des coûts d'exploitation importants.



## PROTECTION DES RESSOURCES EN EAU

Le Luxembourg dispose de ressources en eau limitées. Une gestion durable de ces ressources revêt donc une importance cruciale.

Les coûts liés à :
- la protection des sources et des eaux souterraines ;
- la surveillance de la qualité de l'eau ;
- la mise en œuvre de la réglementation environnementale ;

sont également pris en compte dans le prix de l'eau.

## POURQUOI LE PRIX DE L'EAU VARIE-T-IL D'UNE COMMUNE À L'AUTRE ?



Au Luxembourg, chaque commune fixe ses propres tarifs de l'eau, sur la base d'un barème de calcul harmonisé.

Comme les coûts réels sont spécifiques à chaque commune (p.ex. longueur des conduites), il peut y avoir des variations des prix de l'eau.

# STRUCTURE TARIFAIRE

Les tarifs reposent sur deux éléments :

**Une taxe de base fixe :** cette taxe couvre une partie des coûts liés à l'infrastructure et au service.

**Une taxe à la consommation variable :** cette taxe est prélevée par mètre cube d'eau consommé.

Ce système permet une répartition plus équitable des coûts tout en sensibilisant à une consommation responsable de l'eau.



## QUE SIGNIFIE « EHM » SUR VOTRE FACTURE ?

Sur votre facture d'eau figure l'unité **« EHm » (équivalent-habitant moyen).**

Cette unité correspond à la charge polluante moyenne générée par une personne par jour, conformément à la loi relative à l'eau du 19 décembre 2008.

Pour les maisons individuelles et les appartements, cette charge annuelle moyenne est fixée au Luxembourg à **2,5 EHm**. Cela correspond à la moyenne de **2,5 personnes par ménage** au Grand-Duché de Luxembourg.

L'unité EHm sert à :

- évaluer l'impact environnemental des eaux usées ;
- adapter et dimensionner les stations d'épuration ;
- calculer correctement la redevance de traitement des eaux usées.

### Eau potable :

Taxe annuelle fixe : 10,00 € / mm / an (+ 3 % de TVA)

Taxe variable en fonction de la consommation réelle : 4,40 € / m³ (+ 3 % de TVA)

### Eaux usées (« canal ménage » sur votre facture) :

Taxe annuelle fixe : 37 € / EHm / an

Taxe variable en fonction de la consommation réelle : 4,40 € / m³

**Taxe fixe (pour le raccordement)**

| | Anciens prix | Nouveaux prix |
|---|---|---|
| **Eau potable** | 7,20 € / mm / an (+3 % TVA) | 10,00 € / mm / an (+3 % TVA) |
| **Eaux usées** | 24 € / EHm / an | 37 € / EHm / an |

**Taxe variable, en fonction de la consommation**

| | Anciens prix | Nouveaux prix |
|---|---|---|
| **Eau potable** | 3,20 € / m³ (+3 % TVA) | 4,40 € / m³ (+3 % TVA) |
| **Eaux usées** | 3,20 € / m³ | 4,40 € / m³ |

## EXEMPLE DE CALCUL :

Un foyer (2,5 EHm) dont la consommation est de 100 m³ par an et équipé d'un compteur d'eau de 20 mm de diamètre (standard) :

| | |
|---|---|
| • Eau potable : | 4,40€ × 100 = 440€ (+13,20€ TVA) |
| • Eaux usées : | 4,40€ × 100 = 440€ |
| • Taxe fixe eau potable : | 10,00€ × 20 = 200€ (+6€ TVA) |
| • Taxe fixe eaux usées : | 37,00€ × 2,5 = 92,5€ |
| **Total TTC :** | **1.191,70€ par an** |
| Facturation trimestrielle : | 297,93€ par trimestre |

Pour plus d'informations, consultez le site de la commune :

# ÉCONOMISER L'EAU : BON POUR L'ENVIRONNEMENT ET POUR VOTRE BUDGET

Une utilisation responsable de l'eau contribue à préserver nos ressources naturelles et à réduire notre consommation d'eau.

**Voici quelques conseils simples pour le quotidien :**

## À la maison

Réparez les robinets qui fuient ou les installations défectueuses et vérifiez régulièrement le relevé de votre compteur d'eau.

100 %

N'utilisez le lave-linge et le lave-vaisselle que lorsqu'ils sont pleins.

Utilisez des appareils électroménagers efficaces.

## Dans la salle de bains

Installez des économiseurs d'eau sur les robinets et les pommeaux de douche.

Prendre une douche plutôt qu'un bain.

Fermez le robinet lorsque vous vous brossez les dents ou que vous vous rasez.

## Dans le jardin

Utilisez l'eau de pluie pour arroser vos plantes (le récipient destiné à la collecte de l'eau de pluie bénéficie d'une aide financière de la commune).

Arrosez le jardin tôt le matin ou tard le soir.

Choisissez des plantes indigènes qui favorisent la biodiversité et nécessitent moins d'eau.



# CONSEIL : PRIVILÉGIEZ L'EAU DU ROBINET PLUTÔT QUE L'EAU EN BOUTEILLE



L'eau du robinet est un produit alimentaire de grande qualité soumis à des contrôles rigoureux. Elle est nettement moins chère que l'eau en bouteille et génère beaucoup moins de déchets.

Une famille peut économiser jusqu'à **1.000 € par an** en renonçant de manière conséquente à l'eau en bouteille.

L'approvisionnement en eau du robinet est un service public et n'est pas géré dans un but lucratif, contrairement à l'eau en bouteille.

# CHAQUE GOUTTE COMPTE

En utilisant l'eau de manière responsable, nous contribuons tous à protéger une ressource précieuse et à garantir un approvisionnement durable en eau pour les générations futures.

La commune installe des compteurs d'eau numériques qui permettent de suivre de plus près la consommation et de détecter d'éventuelles fuites plus facilement. Veuillez appeler le **78 72 72 701** ou envoyer un e-mail à **compteur_eau@junglinster.lu** pour organiser le remplacement de votre compteur.

## INFO :

Vous trouverez sur notre site Internet la réglementation, les barèmes tarifaires détaillés pour les différents secteurs (particuliers, industrie, agriculture et hôtellerie), ainsi qu'un exemple de facture avec les nouveaux et les anciens tarifs.

En cas de questions supplémentaires, n'hésitez pas à nous contacter à l'adresse suivante : **taxes@junglinster.lu**

EN

# HOW IS THE PRICE OF WATER CALCULATED?

The price of water is made up of several components, all of which are essential to guarantee a safe, high-quality water supply.

The production of drinking water involves several stages, such as:
- water abstraction;
- treatment and purification;
- quality controls;
- distribution via the water network.

This also includes investments in infrastructure, such as reservoirs, pumping stations, and the pipe network.

## MAINTENANCE AND MODERNISATION OF INFRASTRUCTURE



The water network and installations must be maintained regularly to guarantee a reliable supply.

This includes, in particular:
- renewal of water mains;
- modernisation of technical installations;
- repair and maintenance of the network;
- extension of infrastructure into new development areas.

These investments are essential to guarantee the reliability and safety of the water supply.

## SANITATION – THE TREATMENT OF WASTEWATER



After use, water must be collected, treated, and then returned to the natural water cycle in an environmentally responsible way.

This requires:
- an operational sewerage network;
- wastewater treatment plants;
- water treatment facilities.

This infrastructure also entails significant operating costs.



## PROTECTION OF WATER RESOURCES

Luxembourg has limited water resources. Sustainable management of these resources is therefore of crucial importance.

The costs associated with:
- protecting springs and groundwater;
- monitoring water quality;
- implementing environmental regulations;

are also taken into account in the price of water.

## WHY DOES THE PRICE OF WATER VARY FROM ONE MUNICIPALITY TO ANOTHER?



In Luxembourg, each municipality sets its own water tariffs, based on a harmonised calculation scale.

As actual costs are specific to each municipality (e.g. length of ducts), water tariffs may vary.

# TARIFF STRUCTURE

The tariffs are based on two components:

**A fixed basic charge:** this charge covers part of the costs related to infrastructure and service.

**A variable consumption charge:** this charge is levied per cubic metre of water consumed.

This system allows for a fairer distribution of costs while raising awareness of responsible water use.



## WHAT DOES "EHM" MEAN ON YOUR BILL?

Your water bill shows the unit **"EHm" (équivalent-habitant moyen = average population equivalent).**

This unit corresponds to the average pollution load generated by one person per day, in accordance with the Water Act of 19 December 2008.

For single-family houses and apartments, this average annual load is set in Luxembourg at **2.5 EHm.** This corresponds to the average of **2.5 people per household** in the Grand Duchy of Luxembourg.

The EHm unit is used to:

- assess the environmental impact of wastewater;
- adapt and size wastewater treatment plants;
- correctly calculate the wastewater treatment charge.

### Drinking water:

Fixed annual charge: € 10.00 / mm / year (+ 3 % VAT)
Variable charge based on actual consumption: € 4.40 / $m^3$ (+ 3% VAT)

### Wastewater ("canal ménage" on your invoice):

Fixed annual charge: € 37 / Ehm / year

Variable charge based on actual consumption: € 4.40 / $m^3$



**Fixed charge (for the connection)**

| | Old prices | New prices |
|---|---|---|
| Drinking water | € 7.20 / mm / year (+3 % VAT) | € 10.00 / mm / year (+3 % VAT) |
| Wastewater | € 24 / EHm / year | € 37 / EHm / year |

**Variable charge, based on consumption**

| | Old prices | New prices |
|---|---|---|
| Drinking water | € 3.20 / $m^3$ (+3 % VAT) | € 4.40 / $m^3$ (+3 % VAT) |
| Wastewater | € 3.20 / $m^3$ | € 4.40 / $m^3$ |

## SAMPLE CALCULATION:

A household (2.5 EHm) with an annual consumption of 100 $m^3$, equipped with a water meter of 20 mm diameter (standard):

- Drinking water (variable charge): € 4.40 × 100 = € 440 (+€ 13.20 VAT)
- Wastewater (variable charge): € 4.40 × 100 = € 440
- Drinking water (fixed charge): € 10.00 × 20 = € 200 (+€ 6 VAT)
- Wastewater (fixed charge): € 37.00 × 2.5 = € 92.5

**Total incl. VAT:** **€ 1,191.70 per year**
Quarterly billing: € 297.93 per quarter

For more information, visit the website of the Municipality:

# SAVING WATER: GOOD FOR THE ENVIRONMENT AND FOR YOUR BUDGET

Responsible use of water helps to preserve our natural resources and reduce our water consumption.

**Here are some simple tips for everyday life:**

## At home



Repair leaking taps or faulty installations and check your water meter reading regularly.




Only run the washing machine and dishwasher when they are full.



Use energy-efficient household appliances.

## In the bathroom



Install water savers on taps and showerheads.



Take a shower rather than a bath.



Turn off the tap while brushing your teeth or shaving.

## In the garden



Use rainwater to water your plants (the municipality provides financial support for rainwater collection containers).



Water the garden early in the morning or late in the evening.



Choose native plants that support biodiversity and require less water.



# TIP: CHOOSE TAP WATER OVER BOTTLED WATER



Tap water is a high-quality food product subject to rigorous controls. It is significantly cheaper than bottled water and generates far less waste.

A family can **save up to €1,000 a year** by consistently giving up bottled water.

The tap water supply is a public service and is not run for profit, unlike bottled water.

# EVERY DROP COUNTS

By using water responsibly, we all help to protect a valuable resource and to guarantee a sustainable water supply for future generations.

The municipality installs digital water meters that make it possible to track consumption more closely and detect leaks more easily.

Please call **78 72 72 701** or send an email to **compteur_eau@junglinster.lu** to arrange the replacement of your meter.

# INFO:

On our website you will find the regulations, the detailed tariff schedules for the different sectors (private individuals, industry, agriculture, and hospitality), as well as a sample invoice with the new and the old prices.

If you have any further questions, please do not hesitate to contact us at: **taxes@junglinster.lu**

GEMENG
JONGLËNSTER

www.junglinster.lu

***Instagram***
gemengjonglenster

***Facebook***
communedejunglinster

***Adresse postale***
B.P. 14, L-6101 Junglinster

***Tel.***
+352 78 72 72 – 1

***Email***
secretariat@junglinster.lu